CSV FRAKTIOUN

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
21 JAN. 2019
231

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 21. Januar 2019

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Gesondheetsminister an un d'Madamm Minister fir de Konsumenteschutz weider ze leeden.

Cannabidiol (CBD) ass ee Cannabinoid deen an der Cannabisplanz ze fannen ass an deen am Géigesaz zum THC (Tetrahydrocannabinol) keng psychoaktiv Wierkung huet an domat legal hei zu Lëtzebuerg ass. Den CBD huet eng berouegend an entspanend Wierkung a seng positiv Effekter fir de Mënsch si bewisen. Allerdéngs ass et wichteg datt dësen CBD aus enger qualitativ héichwäerteger Produktioun kënnt. Säit e puer Méint ginn et zu Lëtzebuerg eng Rei Butteker déi CBD-Produite wéi Ueleger, Crèmen, Téi, Shampoing etc. ubidden.

An dësem Kontext géif ech gäre folgend Froen un d'Regierung stellen:

- Ginn dës Butteker zu Lëtzebuerg kontrolléiert a sinn déi ugebuede Produite konforme mam Gesetz iwwer d'Liewensmëttelsécherheet?

- Kann d'Hierkonft vun den ugebuedene Produiten novollzu ginn?

Här President, ech bieden Iech mäin déifste Respekt unzehuelen.

Emile Eicher
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Dossier suivi par: JOME Laurent
Tel: 247 85510
Email: laurent.jome@ms.etat.lu

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
Service central de Législation
43, boulevard Roosevelt

L-2450 Luxembourg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
28 FEV. 2019

Luxembourg, le 26 février 2019

**Concerne**: Question parlementaire n° 231 du 21 janvier 2019 de Monsieur le Député Emile Eicher.
**Réf. :** 829x5b4ae

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse de Madame la Ministre de la Protection des consommateurs et du soussigné à la question parlementaire n° 231 du 21 janvier 2019 de Monsieur le Député Emile Eicher concernant le "Cannabidiol (CBD)".

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

Étienne SCHNEIDER
Ministre de la Santé

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

**Réponse commune de Monsieur le Ministre de la Santé et de Madame la Ministre de la Protection des consommateurs à la question parlementaire n° 231 du 21 janvier 2019 de Monsieur le Député Emile Eicher concernant le "Cannabidiol (CBD)".**

---

Am Allgemengen kann een soen, dass den Intressi un CBD- Produiten weltwäit ëmmer méi grouss gëtt, an et ëmmer méi zu engem Moude-Produit gëtt. Dofir kennt och den Boom vun den Geschäfter di et wëllen hei zu Lëtzebuerg verkafen.

D'Nofro ass immens grouss – mee d'gesetzlech Basis hänkt dervun of em weien geneeë Produit et sech handelt: Tubak, Kosmetik, Ueleg, Téi, Crème, etc..

De Sujet ass ganz komplex, an dofir muss een ënnerscheeden wat fir eng Deeler bei der Cannabisplanz, och Hanf genannt, legal kënnen benotzt ginn, an op et sech em Liewensmëttel handelt oder net.

Wat d'Planz vum industriellen Hanf betrëfft (Cannabis sativa L. aus enger Hanf-Variéteit déi erlaabt ass an mat engem Gehalt un delta-9-tetrahydrocannabinol (THC) manner wie 0.3%), muss een ënnerscheeden tëschent deenen verschiddenen Deeler vun der Planz. Sou ass et, dat d'Kären vum industriellen Hanf an doraus produzéiert Produiten wéi den Hanfueleg als Liewensmëttel kënnen Uwendung fannen. D'Hanfblieder an, an engem klengere Mooss, d'Bléien schéngen bekannt ze sinn fir als Téi benotzt ze ginn. Op der anerer Säit, sinn d'Extraiten aus Cannabis sativa L. konzentréiert mat Cannabidiol (CBD) als Liewensmëttel ouni „historique de consommation" virum 15/05/1997 an der europäescher Unioun ugesinn. Des Extraiten mat CBD, och CBD Ueleg genannt; sinn domadder als neiaarteg Liewensmëttel ze klasséieren. Neiaarteg Liewensmëttel, och „Novel Food" genannt, sinn europäesch gereegelt ënnert dem Reglement 2015/2283 an hier Kommerzialisatioun als Liewensmëttel brauch eng Autorisatioun.

Et ass deemno ze préiwen op di Liewensmëttel-Produiten di hei ugebueden sinn och deementspriechend Autorisatiounen hunn.

*<u>Ginn des Butteker zu Lëtzebuerg kontrolléiert a sinn déi ugebueden Produite konforme mam Gesetz iwwer d'Liewensmettelsécherheet ?</u>*

Bei der Sécurité alimentaire gëtt op 4 Niveauen geschafft:

- Kontroll vun den Internet-Säiten: zënter Mee 2018 kruten 11 Geschäftsleit déi en Internetsite hunn, wou CBD Ueleger oder aner Liewensmëttel mat CBD ugebueden ginn, en Rapport d'appréciation geschéckt mat Verwarnungen. Dëst ëmfaasst méi wéi 50 Echantillonen déi kontrolléiert goufen. 10 wieder Internetsäiten stinn nach op fir eng Kontroll.. Wieder Demarchen sinn fir 2019 geplangt.
- Kontroll beim Import: Vill vun den Produiten ginn aus der Schwäiz importéiert. Doduerch konnten 2018, 17 Envoien mat CBD/Hanf/Cannabis blockéiert an zeréckgeschéckt ginn.
- Beäntwerten vun Ufroen vun Demanden di per Bréif oder Mail un déi jeeweileg Servicer kommen.
- Kontrollen vun de bestoenden Geschäfter.

*<u>Kann d'Hierkonft vun den ugebuedene Produiten novollzu ginn?</u>*

Iwwert den Import wëssen mir dat vill vun dësen Produiten aus der Schwäiz an den USA kommen. Mee och an Europa ginn des Produiten hiergestallt.